

E Gromperegratin mat Geméis

Moie Kanner!

Dës Woch zum Thema „Natur genéissen – sech gesond ernären“ mécht d’Nicole haut mat iech e Geméisgratin.

Fir eise Geméisgratin huele mir:

Geméis vum “Natur genéissen” Bauer:

- ± 500g Gromperen
 - 3 Muerten
 - 2 Poretten
- an
- $\frac{1}{2}$ Liter Mällech oder Huewermällech
 - E bëssi Ram oder Huewerram
 - Salz, Peffer an e bëssi Muskot



D’Gromperen an d’Muerte musse mir wäschén, schielen an an dënn Scheiwe schneiden.

D’ Porett wäsche mir a schneiden se och kleng.

Dat geschniddent Geméis leeë mir an eng feierfest Schossel.

Mir wierze mat Salz, Peffer a Muskot a schédden d’Mällech an d’Rahm driwwer.

Duerno stelle mir de Gratin an de Schéffche bei 200 Grad bis d’Geméis mell ass.

Hmmm, wéi dat richt...

Gudden Appetit!

Är SICONA kids Guiden



Muer léiere mir de Bauer Jemming kennen